encevo
R.C.S. Luxembourg F3426

Amicale du Personnel Retraité du Groupe Encevo asbl
anciennement Amicale du Personnel Retraité de Cegedel

Message un d'Membere vun der « Amicale du Personnel Retraité du Groupe ENCEVO »

Léif Membere vun der Amicale,

D'Joer 2021 geet esou lues op en Enn. Och dëst Joer war erëm ganz markéiert duerch d'Pandemie vum Corona-Virus, déi d'Aktivitéite vun eiser Amicale weiderhi staark ausgebremst huet.

Esou gouf eis uerdentlech Generalversammlung am Juni erëm eng Kéier virtuell an deelweis um Pabeier ofgehalen.

Nodeems am Summer sech d'Sanitärsituatioun berouegt hat, besonnesch och duerch den Afloss vun effikassen Impfstoffer, hat de Comité fir de 24. September en Ausfluch op Wolz organiséiert, wou niewend engem Trëppeltour an engem gemeinsame Mëttegiessen am Restaurant « Aux Tanneries de Wiltz » och Visite-guidéeë vum « Musée sur la bataille des Ardennes 1944-1945 », vum Brauereimusée a vun der Microbrasserie ugebuede goufen. 30 Memberen vun der Amicale hun deelgeholl a ware begeeschtert, sech no laanger Zäit emol erëm ze gesinn.

Dat war di eenzeg Manifestatioun, déi eis Amicale 2021 konnt ubidden.

Mir sinn awer optimistesch, dass et am Joer 2022 erëm besser gëtt, besonnesch wann de Wanter gutt iwwerstanen wäert sinn, an dass mat Hëllef vun der Impfung, a besonnesch der 3. Opfrëschimpfung (« Boosterimpfung »), d'Verbreedung vum Corona-Virus erëm ka geschwë staark agedämmt ginn, och wann d'Corona-Infektiounen elo um Ufank vum Wanter erëm zolitt zougeholl hunn.

Dofir huet de Comité vun der Amicale folgende, virleefege Programm fir 2022 opgestallt :

- 31. Mäerz — Uerdentlech Generalversammlung iwwer d'Joer 2021
- 05. Mee — Ausfluch Saarschleife mam Baumwipfelpfad a Saarburg
- 16. Juni — Ausfluch op Lasauvage a Fond-de-Gras
- 21. Juli — Trëppeltour mat Visitten (Detailler ginn nach ausgeschafft)
- 15. September — Ausfluch op Bernkastel-Kues

Heizou kritt Dir zäitno di néideg Informatiounen an Invitatiounen. Mir drécken d'Daumen dass d'Sanitärsituatioun d'nächst Joer eis kee Strich duerch d'Rechnung mécht.

Als kleng symbolesch Kompensatioun fir di ausgefalen Ausflich dëst Joer, huet de Comité vun der Amicale decidéiert fir all Member, deen dëst Joer seng Cotisatioun fir 2021 bezuelt huet an domat der Amicale trei bliwwen ass, als Merci eng kleng, flësseg Unerkennung zoukommen ze loossen, déi Dir Iech zum Enn vum Joer gutt schmaache loosse kënnt. Dëse Cadeau kritt Dir an den nächsten Deeg a Woche bis Chrëschtdag perséinlech heem bruecht.

An der Hoffnung, dass mir all dës weiderhi schwiereg Zäit gutt iwwerbréckt kréien, dass Dir weiderhi monter a virun allem gesond bleift, wënschen de Comité vun der Amicale an ech selwer Iech schéi Chrëschtdeeg an a glécklecht Neit Joer 2022.

Esch/Uelzecht, den 1. Dezember 2021.

Nestor DIDELOT
President vun der
Amicale du Personnel Retraité
du Groupe ENCEVO